

Eist **Blietchen**



Foto: Jil Betzen

GEMENG TANDEL

Juni 2026

www.tandel.lu

Administration Communale de Tandel

Bureaux :
6, Hauptstrooss
L-9350 BASTENDORF

☎ 80 38 03-1

Nos horaires :

Bureau de la population

Tél.: 803 803 - 222
E-mail: joelle.storn@tandel.lu

Du lundi au vendredi
de 08h30 à 11h30 et
de 13h30 à 16h30
le mercredi ouvert jusqu'à 18h30
fermé le vendredi après-midi

Service technique

Tél.: 803 803 - 225
E-mail: technique@tandel.lu

Lundi: de 8h30 à 11h30
Mardi: de 8h30 à 11h30 et
de 13h30 à 16h30
Mercredi: de 8h30 à 11h30 et
de 13h30 à 16h30
Jeudi: de 8h30 à 11h30 et
de 13h30 à 16h30
Vendredi: de 8h30 à 11h30

*Vu les interventions extérieures
sur les chantiers, uniquement sur
rendez-vous.*

Secrétariat

Tél.: 803 803 - 220
E-mail: secretariat@tandel.lu
Tél.: 803 803 - 232
E-mail: claudine.welter@tandel.lu

Du lundi au vendredi
de 8h30 à 11h30

Recette

Tél. : 803 803 - 230
E-mail: recette@tandel.lu
Du lundi au vendredi
de 8h30 à 11h30
Du lundi au jeudi
de 13h30 à 16h30

Sommaire

Léif Matbiergerinnen a léif Matbierger	1
OFFIZIELLES AUS DER GEMENG	
Séance publique du 9 mars 2026	2
Ëffentlech Sëtzung vum 9. Mäerz 2026	5
Demande renonciation Facture Papier	8
Mir hunn eis bestuet	9
Gebuerten a Stierffäll	9
WAT ASS LASS AN DER GEMENG?	
Vergaangen Aktivitéiten	10
Zukünfteg Aktivitéiten	16
TRADITIOUNEN AUS DER GEMENG	
Baastenduerfer Millen a Bamschoul	22
Spuetestech vun der Velospist PC22	30
zwëschent der Bleesbréck, Tandel a Furen	
Um Bennyswee - Momentopnahmen	32
Um Bennyswee - Virun den Aarbechten	33
KANNERSÄIT	34
WÉI GUTT KENNS DU DENG GEMENG?	
Opléisung: Eis Waasserreservoirren.	38
Watfir e Schëld passt op dës Waasserbasengen? (Eist Blietchen - Mäerz)	
ECOLE DU GOÛT: KOHLRABI	40
PROJEKTE AUS DEM CENTRE MOVIDA	42
CRÈCHE TANDEL	43
WEIDER INFORMATIOUNEN	
Naturparkfest	44
Fluchthelferweg Sentier des Passeurs	45
Sommer im Naturpark Our	46
Es summt und brummt überall!	
ALUSEAU - Wat leeft?	47
Oekotopten.lu - Abrasion pneus	48
Oekotopten.lu - Reifenabrieb	49
Police	50
SuperDrecksKëscht	52
SIDEC: ReUse Gaart	54
Offallkalenner	55
Manifestatiounskalenner	56
Deng Foto als Titelsäit oder als Récksäit vun „Eisem Blietchen“?	57

De Redaktiounsschluss fir déi nächst
Editioun vun „Eisem Blietchen“ ass de
01.08.2026.

Schéckt eis w.e.g. bis dohinner
Är Artikelen eran op info@tandel.lu.

Mise en page et impression :
Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN
LUXEMBOURG



Léif Matbiergerinnen a Léif Matbierger,

Zesummeliwwen a besonnesch gutt Zesummeliwwen an der Gemeng an doriwwer raus ass eng vun de groussen Prioritéiten vum Schäfferot, dofir hate mer och eng Versammlung mam Minister Max Hahn fir datt d'Gemeng sech engagéiert nieft dem Klimapakt an dem Naturpakt, och am Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliwwen.

Dese Pakt wäert eng Hëllef si fir vill Bierger an och d'Veräiner aus der Gemeng.

Gutt Zesummeliwwen brauch awer och gutt Infrastrukturen. Den Ausbau vun der Maison relais an den Neibau vun der Crèche sinn a Planung. Planungs- an Architekten-Bureauen sinn erausgesicht a mir hoffen dat mir déi éischt definitiv Pläng kenne bis de Summer virstellen. De Centre de formation pour jeunes footballeurs soll fir d'Summervakanz seng Diere kennen opmaachen, an och bei der Apdikt wäerte mir hoffentlech den Hierscht kenne starte mat den Aarbechte fir dës fäerdeg ze maachen.

Den neien Hall forestier geet geplangt an de Projet geet den 3. Juni an de Gemengerot. D'Aarbechten um Vëloswee lafen op Héichtouren, a mat bësscher Chance kann een de Summer schonn iwwert den éischten Deel fueren.

Dir léif Leit et gëtt also nach vill ze dinn an et gesäit ee wei séier datt d'Zäit awer leeft. An domat kenne mir och schonn op déi éischt dräi Joer mam neie Schäfferot zréck kucken. Fir mech selwer war dës eng ganz interessant Zäit a well mer 2023 decidéiert haten dat mer e Splitting um zweete Poste vum Schäfferot ze maachen, wäert ech meng Demissioun als Schäffen op den 1. September raginn, esou datt de Claude Bingen meng Relève da wäert kenne iwwerhuelen.

Ech wëll dofir jidderengem Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht a wënschen iech nach vill Spaass beim Liesen vum Blietchen.

Marc ROEDER,
Schäffen

SÉANCE PUBLIQUE du 9 mars 2026

(le texte français fait foi)

Conseiller absent excusé pendant toute la séance: Berlo John

1. Présentation Soler - Wandpark Tandel-Veianen Phase 2 - Avis
2. Approbation des actes notariés
3. Approbation de conventions
4. Pacte Nature: décision
5. Autorisation de lotissement
6. Voirie rurale 2026: approbation d'un devis
7. Subside extraordinaire d'une association locale
8. Vote d'un représentant pour Club Haus op der Heed

1. Présentation Soler - Wandpark Tandel-Veianen Phase 2 - Avis

La société Soler a présenté la phase 2 du Wandpark Tandel-Veianen aux conseillers. Soler envisage d'installer trois éoliennes sur le territoire des communes de Tandel et de Vianden.

La société Soler a choisi les trois emplacements suivants pour installer les éoliennes. Pour ces emplacements, elle fait les études nécessaires.

Le conseil communal décide unanimement d'émettre un avis positif à la phase 2 du «Wandpark Tandel-Veianen» concernant l'installation de trois éoliennes.



2. Approbation des actes notariés

a) Acte notarié avec Madame Hermann

L'acte notarié n°11095 conclu le 20 février 2026 avec le collège échevinal et Madame Marlène Hermann relatif à une constitution de servitude à Fohren, au lieu-dit «JB Zewenstrooss», numéro cadastral n°390/1998 est approuvé unanimement par le conseil communal.

b) Actes notariés avec Creos

Le conseil communal approuve unanimement deux actes notariés avec Creos relatifs à une constitution de servitudes à Landscheid, au lieu-dit «Beim kleinen Kreuzchen», numéro cadastral n°341/1224, section BA de Landscheid et au lieu-dit «In Katzebour», numéro cadastral n°467/1252, section BA de Landscheid.

3. Approbation de conventions

a) Convention de mise en œuvre signée Pacte logement 2.0

Le collège échevinal et le ministre du Logement et de l'Aménagement du territoire, Monsieur Claude Meisch ont conclu le 9 février 2026 la convention de mise en œuvre Pacte logement 2.0. Le conseil communal approuve unanimement ladite convention.

b) Convention avec la commune de Bettendorf

Le conseil communal approuve unanimement une convention de coopération intercommunale conclue le 5 janvier 2026 entre le collège échevinal de la commune de Tandel et le collège échevinal de la commune de Bettendorf relative à la construction, à l'exploitation et à la gestion d'un hall forestier intercommunal.

c) Convention avec la Sàrl Servert

Le conseil communal approuve unanimement la convention conclue le 9 février 2026 entre le collège échevinal et la société Servert sàrl relative à la collecte des déchets verts.

d) Convention avec la société Charge@lux

Le collège échevinal a conclu une convention avec la société momentanée charge@lux relative à l'exploitation et l'entretien de l'infrastructure de charge publique liée à la mobilité électrique à Fohren près du centre Movida. Le conseil communal approuve unanimement ladite convention.

4. Pacte Nature: Décision

Le conseil communal décide unanimement d'approuver favorablement et de mettre en œuvre les principes préconisés dans la mesure 5.11 du Pacte Nature, à savoir la contribution à la séquestration de carbone et renforcement de la résilience des forêts dans le cadre de l'adaptation du climat.


5. Autorisation de lotissement

Madame Danielle Schössler, domiciliée à Longsdorf, a introduit la demande de lotissement pour la division d'un terrain en 2 lots à Longsdorf aux numéros cadastraux 5/69 et 5/269, section FC de Longsdorf.

Le conseil communal décide unanimement de procéder à l'autorisation de lotissement numéro 19/2026 de Madame Danielle Schössler.

6. Voirie rurale 2026: approbation d'un devis

En date du 3 février 2026, l'Administration des Services Techniques de l'Agriculture (ASTA) a soumis au conseil communal de Tandel le devis



numéro 103372 d'un montant TTC de 130.000 € relatif aux travaux extraordinaires de capture des eaux superficielles sur un chemin rural au lieu-dit «Sandkaul» à Bastendorf. Les communes pourront bénéficier d'une aide en capital pour l'entretien, l'aménagement et l'amélioration de chemins ruraux.

Le conseil communal décide unanimement d'approuver ledit devis et transmet la présente décision à Madame la ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture aux fins d'approbation, ainsi que la demande de subside pour les travaux projetés.

7. Subside extraordinaire d'une association locale

L'association locale «Jeunesse Baastenduerf» demande une aide financière de 385,65 € dans

le cadre de la tradition du Saint-Nicolas pour la dépense des sachets St. Nicolas.

Le conseil communal décide unanimement d'accorder une aide financière extraordinaire dudit montant.

8. Vote d'un représentant pour Club Haus op der Heed

A partir du 1^{er} janvier 2026, la commune de Tandel est membre au Club Haus op der Heed. Suivant la convention, il faut voter un représentant au sein du conseil communal. Le conseil communal décide unanimement de nommer Claude Bingen à ce poste.

Post History T'OUREN

Dreht man die Zeit 500 Jahre zurück, stellt man fest, dass die Kommunikation damals längst nicht so einfach war wie heute. Die Post wurde von Reitern verteilt und war oft wochenlang unterwegs, bis sie beim Empfänger ankam. In Asselborn bei Ulflingen befand sich die einzige Postreiterstation in ganz Luxemburg.

Genau an diesem Ort, am „Posteck“ in Asselborn, startet die historisch-humoristische Wanderung. Sie führt über eine Strecke von 5 km entlang der originalen Postwege aus dem 16. und 17. Jahrhundert und bietet den Teilnehmenden die Möglichkeit, in Form von Theateraufführungen verschiedene Figuren aus dieser Zeit kennenzulernen.

Si l'on remonte 500 ans en arrière, on constate que la communication n'était pas du tout aussi simple qu'aujourd'hui. Le courrier était distribué par des cavaliers et mettait souvent des semaines avant d'arriver à destination. À Asselborn, près de Troisvierges, se trouvait l'unique relais de poste à cheval de tout le Luxembourg.

C'est précisément à cet endroit, au « Posteck » à Asselborn, que débute la randonnée historico-humoristique. Sur un parcours de 5 km empruntant les chemins postaux d'origine des XVI^e et XVII^e siècles, les participants ont l'occasion de découvrir différents personnages de l'époque à travers des mises en scène théâtrales.

Post History T'OUREN zu Aasselbuer

9. | 16. | 23. & 28. August
www.naturpark-our.lu



ËFFENTLECH SËTZUNG vum 9. Mäerz 2026

Entschëllegte Member vum Gemengerot: Berlo John


1. Präsentatioun Soler - Wandpark Tandel-Veianen Phase 2 - Avis
2. Approbatioun vun Nottärsakten
3. Approbatioun vu Konventiounen
4. Naturpakt: Decisioun
5. Lotissementsgenehmigung
6. Feldweeër 2026: Approbatioun vun engem Devis
7. Extraordinäre Subside fir e Veräin
8. Wiele vun engem Representant fir d'Club Haus op der Heed

1. Präsentatioun Soler - Wandpark Tandel-Veianen Phase 2 - Avis

D'Firma Soler huet dem Gemengerot déi zweet Phase vum Wandpark Tandel-Veianen virgestallt. Soler plangt dräi Wandmillen um Territoire vun de Gemengen Tandel a Veianen opzeiichten.

Fir dësen Zweck huet d'Firma dräi Standuerter ausgewielt, wou elo déi verschidden Etüden duerchgefouert ginn.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, e positiven Avis fir d'Phase 2 vum Wandpark Tandel-Veianen ofzeginn, betreffend d'Opriichte vun dräi Wandmillen.



2. Approbatioun vun Nottärsakten

a) Nottärsakt mat der Madamm Hermann

Den Nottärakt mat der Nummer 11095 gouf den 20. Februar 2026 zwëschent dem Schäfferot an der Madamm Marlène Hermann betreffend enger Servitude zu Furen, op der Kadasterparzell 390/1998 ënnerschriwwen a gouf eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl.

b) Nottärakte mat Creos

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg zwee Nottärakten mat der Societéit Creos betreffend Servituden zu Laaschent, „Beim kleinen Kreuzchen“ mat der Kadasternummer 41/1224, Sektioon BA de Landscheid, an „In Katzebour“ mat der Kadasternummer 467/1252, Sektioon BA de Landscheid.

3. Approbatioun vu Konventiounen

a) Konventioun fir de Pacte logement 2.0

De Schäfferot an de Logement-Minister, Här Claude Meisch, hunn den 9. Februar 2026 d'Konventioun fir d'Ausschaffe vum Pacte logement 2.0 ënnerschriwwen. De Gemengerot hëlt dës Konventioun eestëmmeg un.

b) Konvention mit der Gemeng Bettenduerf

De Gemengerot approvéeiert eestëmmegeg eng Konventioun fir d'Zesummenaarbecht mat der Gemeng Bettenduerf fir de Bau an d'Exploitation vun enger interkommunaler Fierschterhal.

c) Konventioun mat Servedt Sàrl

De Gemengerot approvéiert eestëmmeg d'Konventioun, déi den 9. Februar 2026 tëscht dem

Schäfferot an der Societét Servert önner-
schriwwe gouf, betreffend d'Sammelstell vum
Gréngschnëtt.

d) Konventioun mat der Societ  t Charge@lux

De Schäfferot huet eng Konventioun mat der Firma Charge@lux ënnerschriwwe fir d'Exploitioun an den Ënnerhalt vun der Elektroborn beim Centre Movidä zu Furen. De Gemengerot hëlt dës Konventioun eestëmmeg un.

4. Naturpakt: Decisioun

De Gemengerot huet eestëmmeg decidéiert, d'Prinzipie vum Naturpakt aus dem Moossnamekatalog „5.11. Bättrag zur Kuelestoffspäicherung an d'Stärkung vun der Widderstandsfäegkeet vu Bëscher am Kader vun der Klimadaptatioun“, z'approuvéieren.


5. Lotissementsgenehmigung

D'Madamm Danielle Schössler vu Longsduerf
huet eng Lotissementsgenehmigung gefrot fir
een Terrain an zwee Lousen zu Longsduerf mat
de Kadasternummere 5/69 an 5/269, Sektoun
FC de Longsdorf ze deelen.

De Gemengerot huert eestëmmeg decidéiert dës
Lotissementsgenehmigung nr. 19/2026 der
Madamm Danielle Schössler z'accordéieren.

6. Feldweeër 2026 : Approbatioun vun engem Devis

Den 3. Februar 2026 huet d'ASTA (Administration des Services Techniques de l'Agriculture) dem Gemengerot een Devis mat der Nummer



103372 an Héicht vun 130.000 € TTC zoukomme gelooss, betreffend extraordinär Aarbechte fir d'Iwwerflächewaasser um Wee „Sandkaul“ zu Baastenduerf opzefänken. D'Gemenge kënnen op e Subside vum Ministère zeréckgräifen fir d'Anstandsetzen an den Entretien vu Feldweeër. De Gemengerot decidéiert eestëmmeg dësen Devis unzehuelen. Dës Decisioun gëtt un d'Landwirtschaftsministesch fir d'Approbatioun mat der Subside-Ufro geschéckt.

7. Extraordinäre Subside fir e Veräin

D'Jeunesse Baastenduerf freet een extraordinäre Subside vun 385,65 € am Kader vum Kleeserchersdag fir d'Titercher fir d'Kanner.

De Gemengerot accordéiert eestëmmeg dëse Subside.

8. Wiele vun engem Representant fir d'Club Haus op der Heed

Zënter dem 1. Januar 2026 ass d'Gemeng Tandel Member beim Club Haus op der Heed. Wéi an der Konventioun virgesinn, muss e Representant vum Gemengerot gewielt ginn. De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de Claude Bingen als Representant fir d'Club Haus op der Heed ze nennen.

PROGRAMM

Vun 18:00 un
Kanneraktivitéiten (4-14 Joer)

- Der Fliedermaus hiert lessen ënnert dem Mikroskop
- Molen a Bastelen ronderëm d'Fliedermaus
- Fliedermauskeschte bauen, fir mat heem ze huelen
- Nuechtblumen an Insekten
- Geschichten aus dem Nuetsliewen fir déi ganz Kleng
- Fliedermauspräsentatioun mat Quiz
- ... a weider Atelier an Spiller ronderëm d'Liewe vun de Fliedermais

Um 19:30
Virtrag iwwert d'Biologie an de Schutz vu Fliedermais

Ab 21:30
Froen an Äntwerten iwwer Fliedermais

Géint 22:15
Live-Stream mat Bat-Detektoren vum Ausfluch vun e puer honnert Déieren aus der Mausouer-Kolonie

Géint 23:00
Bat-Walk mat Experten

Enn géint 23:30
Fir lessen a Gedréns ass gesuergt.

>>> **DEMANDE DE RENONCIATION – FACTURE PAPIER**

En signant ce formulaire, vous autorisez le créancier à vous faire parvenir vos factures par voie électronique en remplacement de la facture papier.

Je soussigné(e)

Nom / Prénom

Adresse

autorise avec effet immédiat

Nom créancier

Administration Communale de Tandel

Adresse du créancier

6, Hauptstrooss - L-9350 Bastendorf

à me faire parvenir mes factures à l'adresse électronique renseignée ci-après :

Adresse e-mail

Tél. privé / portable

Signé à,

, le

Lieu

Date

Signature débiteur

En application du règlement relatif à la protection des données GDPR (UE)216/679, votre commune traite vos données personnelles en respect d'une obligation légale à laquelle elle est soumise.



Le présent formulaire
est à envoyer ou
à déposer à l'adresse
suivante :

**Administration
communale de Tandel**
6, Hauptstrooss
L-9350 Bastendorf

E-mail
recette@tandel.lu

Tél. :
803 803 - 230
TVA :
LU21036255



Mir hunn eis bestuet



18.03.2026

**Marc WEYRICH &
Nathalie WIRTZ**



28.03.2026

**Rafael LOURO DE OLIVEIRA CARVALHO
& Diana Raquel DA COSTA MONTEIRO**



BESTUET



02.05.2026

**Renato DA SILVA MAGALHAES &
Suzanne TEIXEIRA DA SILVA**



02.05.2026

**Elvis WHANON &
Nadine ERSFELD**

Gebuerten - Naissances

SHARIF Layan , gebuer den 20.03.2026

LUCAS Amalia, gebuer de 15.04.2026

CAÇÃO DINIS Elias, gebuer de 07.05.2026

SANTOS PEREIRA Emma, gebuer den 10.05.2026

Stierffäll - Décès

LEY Louis vu Furen, gebuer de 15.03.1946
a gestuerwen den 18.02.2026.

WEBER Armand vu Furen, gebuer de 14.05.1952
a gestuerwen de 16.03.2026.

GILS Victor vu Bettel, gebuer de 06.09.1952
a gestuerwen den 05.05.2026.



40 Joer An Elo asbl

Den 1. Abrëll 1986 sënn zu Longsdref am Café Faust-Meder d'Statute vum An Elo ënnerschriww ginn. Heibäi gouf de Jean Paul Karpen als 1. President ernannt, den **Erny Huberty** gouf Vizepresident, den **Yves Desbordes** den 1. Sekretär an de Marc Barnich den 1. Keessjee vum deem neie Veräin. Memberen vum der éischter Stonn waren: Marco Bock, Pierre Faust, Ralph Haentges, Victor Mousel an **André Winter**. Am Laf vun der Zäit sinn derbäikomm: Nico Betzen, Jean Pierre Theis (†), Claude Gils, Guy Devenet (†), Marc De-grand (†), **Jean Sinner, Clement Mignot, Fränz Jans, Leon Miller, Marc Heinen, Lucien Gleis, Alain Biver, Claude Aust, Frank Arendt, Frank Boever, Jeff Conzemius, Laurent Stirn, Jhemp Schmitz, Roland Mehlen, François Esteves, Nico Waxweiler, Raoul Dabé a Roger Majerus.**

Als eng vu sengen 1. Aktivitéiten huet den *An Elo* am Grënnungsjoer erëm de „Kleeschen“ a säi Gessell, den „Houséker“, um Virowend vun Niklosdag, duerch Dierfer zéie geloss. Bis haut hält de Veräin un dëser aler Traditioun fest.

Am Fréijoer 1987 gouf, zesumme mat der Landjugend Furen an de Schoulkanner, déi éischt Grouss Botz an der aler Gemeng Furen organiséiert.

1992 hunn d'Membere vum *An Elo* d'Aktioun Bongert lancéiert bei där et ëm d'Erhalen a d'Fleeg vun den alen Uebstbeem geet. Gläichzäiteg gouf beschloss, all neigebuerenem Kand aus der Gemeng e Bam ze planzen, sief dat doheem oder op enger Gemeindeplaz. Am Kontext vun der Aktioun Bongert huet d'Asbl bis haut schonns méi wéi 400 Beem an der Gemeng Tandel gesat. Leider sinn awer och well eng Partie vun dësen Uebstbeem Affen vu Bauprojeten ginn, wéi zum Beispill um Lotissement ënnerhalb vum Foyer Movida.

Donieft huet den *An elo* sech och vun Ufank un ganz staark um kulturelle Plang engagéiert. Cabaretsowenter mam Jemp Schuster, de Makadammen, asw. goufen organiséiert, grad esou wéi Liesungen fir d'Schoulkanner, Concerten an der Longsdreffer Kapell, Soiréeën zu Longsdref an der Scheier mat Les Gavroches, der Fadas Family, ... Den éischte Sonndeg am Joer war während enger Rëtsch Joren reservéiert fir d'Gemengefest zu Longsdref, mat Optrëtter vu René Putz a Marco Faber, Illusionisten Clownen a net zulescht och Virféierungen vun de Memberen vum *An Elo*.

Fir Geld an d'Keess ze kréien, ass vun 1990 un zu Longsdref e Wäifest organiséiert ginn, eng Manifestatioun, déi et sou nach néierens am Norde gouf, an déi Leit aus dem ganze Land ugezunn huet. Leider konnt den An Elo awer zu engem Moment dëst Fest net méi zu Longsdref ofhalen an huet doropshin zu Furen weidergemach. 2004 gouf d'Wäifest eng éischte Kéier mam Baastenduerfer Fussball organiséiert. Nodeems d'Aneloisten dem Fussball de néidegen Know-how bäibruecht haten, hu si sech 2006 aus dem Wäifest zrëckgezunn.

Bei Geleeënheet vu sengem 20. Gebuertsdag huet den *An Elo* den 18. Juni 2006 déi 1. Marche Gourmande hei zu Lëtzebuerg organiséiert. Mat 375 Aschreiwunge war d'Marche direkt en onerwaarten Erfolleg an d'Memberen hunn doropshin beschloss, dës Manifestatioun an deenen nächste Joren weider ze organiséieren. Eng vun dëse Marchen hat souguer méi wéi 1000 Participanten an eis Gemeng gelackelt, eng logistesche Herausforderung!

Leider gouf dës Aktivitéit duerch de Covid 2019 ausgebremst. Mee am Kader vun hirem 40. Gebuertsdag hunn d'Membere vum *An Elo* beschloss, zesumme mat der Baastenduerfer Musik, déi dëst Joer hir 80 Joer feiert, den 28. Juni 2026 nees eng Kéier eng Marche Gourmande ze organiséieren.

Während all de Joren huet den *An Elo* en Deel vun senge Recetten gespend. Esou goufe méi wi 30.000 Euro u verschidden Hëllefsgesellschaften verdeelt. Mee och an der Gemeng goufe verschidde Projeten ënnerstëtzt a matfinanziert: Liesunge fir d'Schoulkanner, eng Spillplaz zu Furen, Donen fir d'Furener Uergel oder den Hunn um Kierchtuerm vun der Longsdreffer Kapell ...

Am Kontext vun dësem klengen Réckbléck an d'Annalen vum *An elo* wëllen d'Memberen vun der Geleeënheet profitéieren, fir alle Leit e grouse Merci ze soen, déi de Veräin aktiv oder finanziell bei sengen Aktivitéiten am Laf vun deene leschte 40 Joer ënnerstëtzt hunn.

Mir ginn Eech alleguer Rendez-vous den 28. Juni 2026 op eiser Marche Gourmande mat Musik. Mir freeën eis op Äre Besuch!

D'Branebuerger Kanner hu gespent

02.
2026

Déi Branebuerger Kanner ware Liichtmëssdag fläisseg an hunn nieft de ville Kamellen och Sue gesammelt. Esou konnte si 613 € un d'Fondatioun Kriibskrank Kanner spenden.



WAT ASS LASS

D'Baastenduerfer Klibberkanner hu gespent

04.
2026



D'Klibberkanner vu Baastenduerf ware fläisseg klibberen an hunn een Don fir Kriibskrank Kanner gemaach.

Scheckiwwerreechung vum Syndicat d'Initiative Fouhren



Mir reechen d'Hand
STROOSSEN ENGLen
Hëlleft hëllef

Am Kader vun hirer alljärelicher Generalversammlung huet de Syndicat d'Initiative vu Fouhren dëst Joer e Schéck vun 1.500 Euro un «Stroossen Englen asbl» gespent.

Den Erléis staamt aus dem Glühwäinstand vum Christmastour an dem Kaffi Brunch, den de Syndicat all Joer am Januar op der Bettler Gare organiséiert.

STROOSSEN ENGLen si Fräiwëlleger, aus verschiddene Beruffssparte, déi sech zum Ziel gesat hunn obdachlose Leit, aarm Leit, an deenen déi net esou gutt am Liewen do stinn, ze hëllef.



Generalversammlung der Baastenduerfer Musik

10.04.
2026

Die 80. Generalversammlung der „Baastenduerfer Musik“ fand am vergangenen 10. April im „Hot Stone Chalet“ in Vianden statt. Zahlreiche Vereinsmitglieder sowie Vertreter des Schöffenrats der Tandler Gemeinde waren anwesend, um gemeinsam auf ein erfolgreiches Vereinsjahr 2025 zurückzublicken und die Weichen für die Zukunft zu stellen.

Präsident Leon Miller eröffnete die Versammlung mit einem herzlichen Dank an alle Mitglieder für ihr Engagement und ihre Einsatzbereitschaft. Ein großer Dank ging auch an Dirigent Maxim Volgin, der leider nicht anwesend war. Er hätte gerne persönliche Worte an das Orchester gerichtet, hatte jedoch im Vorfeld aus bekannten privaten Gründen angegeben, an dem Termin nicht verfügbar zu sein. Da dies bei der Festlegung nicht berücksichtigt wurde, war ihm dies leider nicht möglich, obwohl er gerne dabei gewesen wäre. Leon Miller ging kurz auf die 80-jährige Vereinsgeschichte ein, die ausführlich in der letzten Infozeitung „Blietchen“ der Gemeinde Tandel erläutert wurde.

Im Einklang mit dem Dirigenten zog er eine positive Bilanz. Die musikalische Entwicklung des Orchesters sei deutlich spürbar, was sich sowohl

in der Qualität der Aufführungen als auch in der Motivation der Mitglieder widerspiegelt.

Im Anschluss präsentierte Kassierer Paul Lorentz seinen letzten Kassenbericht. Die Finanzen der Musikgesellschaft sind stabil. Hier ging ein besonderes Lob an die Bevölkerung der Gemeinde Tandel, da die finanziellen Mittel größtenteils auf den Einnahmen anlässlich des „Hämmelsmarschs“ in den acht Dörfern der Gemeinde beruhen. Die Kassenprüferinnen Fabienne Schares und Lynn Gloden bestätigten eine ordnungsgemäße Buchführung, woraufhin der Kassierer einstimmig entlastet wurde und die Rechnungsprüferinnen auf ein weiteres Jahr bestätigt wurden.

Präsident Leon Miller bedankte sich im Namen des gesamten Vereins herzlich bei Paul Lorentz für seine langjährige und äußerst gewissenhafte Tätigkeit als Kassierer. Mit großem Engagement, Sorgfalt und Verantwortungsbewusstsein hat Paul Lorentz über zwölf Jahre hinweg die Finanzen des Vereins zuverlässig geführt. Für seine geleistete Arbeit und Treue zum Verein wurde dem scheidenden Kassierer ein passendes Geschenk überreicht.





Sekretärin Miller Josiane machte einen kurzen Rückblick auf die Aktivitäten der Gesellschaft im Jahr 2025, bevor sie einen Ausblick auf die kommenden Monate gab. Hervorzuheben war das Galakonzert der Musik am 19. und 20. Januar in Bastendorf, das als Auftakt des 80-jährigen Geburtstages der Gesellschaft stattfand. Die Musikgesellschaft hat sich vorgenommen in diesem Jahr neben mehreren Konzerten quer durchs Land, in jedem einzelnen Dorf der Gemeinde Tandel eine musikalische Präsentation zu gestalten.

Als Ansprechpartnerin der „Baastenduerfer Musik“ bei der UGDA bedauerte Josiane Miller jedoch die geringe Anzahl an Nachwuchsschülern und -schülerinnen im musikalischen Bereich. Aus diesem Grunde soll am 13. Juni zusammen mit Reisdorf und Bettendorf, eine „Musikrallye“ in Bettendorf stattfinden, um junge Schüler und Schülerinnen zum Musizieren zu motivieren.

Am 28. Juni wird die Musikgesellschaft anlässlich ihres 80. Geburtstages zusammen mit dem Verein „An Elo asbl“, der seit 40 Jahren besteht, eine musikalische „Marche Gourmande“ in Bastendorf organisieren.

Anschließend bedankte sich Leon Miller bei dessen Schwester Josiane, die während langer Jahre dem Verein als Sekretärin diente. Als Sekretärin hat Josiane Miller mit großem Engagement, Zuverlässigkeit und unermüdlichem Einsatz für die Jugend den Verein geprägt. Auch ihr wurde ein passendes Geschenk überreicht.

Ein weiterer wichtiger Punkt der Versammlung waren die Wahlen. Einige Vorstandsmitglieder wurden in ihren Ämtern bestätigt, während Max Zenners und Patrick Mergen als neue Mitglieder des Komitees bestätigt wurden.

Bürgermeisterin Carole Gils war es eine Ehre ein herzliches Dankeschön an die Mitglieder des Musikvereins auszusprechen. Mit ihrem Engagement, Leidenschaft und musikalischen Können bereichern sie das Gemeindeleben auf besondere Weise und leisten somit einen wertvollen Beitrag zum kulturellen Leben.

Nach freier Diskussion endete die Versammlung in geselliger Runde im „Hot Stone Chalet“ bei einer „Pierrade“, das einmal mehr den starken Zusammenhalt des Vereins unterstrich.

9. Mai 2026:	Gemeinschaftskonzert mit Comar Berg und Nommern in Tandel
16. Mai 2026	Hämmelsmarsch Bastendorf
18. Mai 2026.	Kiermesham Bastendorf
31. Mai 2026:	Hämmelsmarsch Walsdorf
6. Juni 2026:	Gemeinschaftskonzert mit Comar Berg und Nommern in Colmar
13. Juni 2026:	Gemeinschaftskonzert mit Comar Berg und Nommern in Schoos
14. Juni 2026:	Konzert in Brandenburg (Weindegustation SI Brandenburg)
19. Juni 2026:	Nationalfeiertag Tandel
20. Juni 2026:	Konzert Blesbruck
28. Juni 2026:	Marche Gourmande Bastendorf
5. Juli 2026:	Hämmelsmarsch Brandenburg
8. Juli 2026:	Konzert Bettler Gare
11. Juli 2026:	Konzert Vianden
18. Juli 2026:	Konzert BD Festival Contern
9. September 2026:	Hämmelsmarsch Bettel
20. September 2026:	Hämmelsmarsch Landscheid & Konzert
3. Oktober 2026:	Hämmelsmarsch Fouhren
23. Oktober 2026:	Klarinettenensemble Longsdorf
25. Oktober 2026:	Konveniat
15. November 2026:	Hämmelsmarsch Tandel



SAVE THE DATE

25. Oktober 2026

Konveniat

fir all aktiv a fréier Baastenduerfer Musikanten



**19.06.
2026**

Nationalfeierdag 2026

D'Festivit  te fir den Nationalfeierdag fannen d  st Joer,
Freides, den 19. Juni 2026 zu Tandel (Schoulcampus Am Brill) statt.

Dir sidd alleguer h  erzlich invit  iert un d  se Festivit  iten deelzehuelen.

PROGRAMM VUM OWEND

19h00

Te Deum am Pavillon hannert der Maison Relais

19h30

Traditionnel Usprooch vun der Buergermeeschtesch, Carole Gils
  ierung vun de Leit aus de Ver  iner an d'„Personnes m  ritantes“
Mat musikalischem Encadrement vun der Baastenduerfer Musik
a vum S  ngerbond Helvetia
D'Heemecht g  tt gesonge mat   nnerst  tzung vun de Kanner

**20h30
01h00**

Volleksfest mat Animatioun fir Grouss a Kleng

D'Ver  iner an Zesummenaarbecht mat der Gemeng k  mmere sech   m d'lessen an d'Gedr  nks.
Mir free  n eis Iech zu Tandel ze begr  issen.

NATIONALFEIERDAG

op der Bëttler Gare

SONNDEG
23.06.

Den Syndicat d'Initiative an den Club des Jeunes FOUHREN invitéieren eech häerzlech fir e puer flotter Stonnen mat Famill a Frënn bei eis ze verbréngen.

Vun 12.00 Auer un.

E MËTTEGEESSEN

Fierkelshämchen
Gromperen
an Zalot

25€

Ham, Fritten
an Zalot

25€

Gegrilltes, Eisekuch
an Pâtisserie

KANNERANIMATIOUN

Sprangschlass

Ab 14.00 Auer

suergt den Heng fir Stëmmung



WAT ASS LASS

OPEN AIR CONCERT

mat der **BAASTENDUERFER MUSEK**

MËTTWOCH
08.07.

20.00
Auer

op der
Bëttler
Gare



Fir lessen a
Gedrénks ass
gesuergt.



Wat steet als nächst um Programm:



Schoulcampus
"Um Brill" Tandel

26. Juni 2026
Ab 15.45 Auer

ATELIEREN FIR D'KANNER,
IESSEN A GEDRÉNKS,
TOMBOLA, AV.M.

SPECIAL GUEST UM 18H15:
GEORGES CHRISTEN
DE STÄERKSTE MANN VU LËTZEBUERG

Éierung vum Cycle 4.2
um 19h00

APEEPP
ELTEREVEREENEGUNG TANDEL

Save the date: de 26. Juni invitéieren d'APEEPP, d'Léierpersonal an d'Maison relais d'Kanner an hir Famillen op dat traditionellt **Schoulfest**, als Ofschloss vun engem flotten an erliewnisträiche Schouljoer, dat Ganzt ënnert dem Motto **REES RONDERËM D'WELT**. Heibäi kënnen d'Kanner u verschiddenen **sportlechen, kreativen oder musikaleschen Atelier'en** deelhuefen, déi hinnen een Abléck a verschidde Länner oder Kontinenter ginn. Wéi ëmmer suerge mir fir **lessen a Gedrénks** an eis **Tombola**, bei där all Lous gewënnt, feelt natierlech och net. Zum Schluss kann een dann och nach d'Muskelkraaft vum **Georges Christen**, dem **stärkste Mann vu Lëtzebuerg** (an driwwer eraus), deen et mat enger ganzer Rei vu spektakuläre Rekorder an d'Guinness Buch gepackt huet, a senger berühmter Powershow bestaunen. Loosst Eech dat also nëmmen net entgoen!

Mir géifen eis iwwert all **Ënnerstëtzung** oder **aktiv Hëllef** den Dag selwer freeën. Mellt Eech einfach per E-Mail (**apeepp.tandel@gmail.com**) oder schreift eis op eiser Facebook Säit **Apeepp - Elterevereenegung Tandel**.

Villmols MERCI!

Weider Infoen

Mir bleiwen wéi gewinnt weiderhin ëmmer oppe fir är **Virschléi** an **Iddien**, a freeën eis iwwert all **Ënnerstëtzung** oder **aktiv Hëllef**. Mellt Eech einfach per E-Mail (**apeepp.tandel@gmail.com**) oder schreift eis op eiser **Facebook Säit** (Apeepp - Elterevereenegung Tandel).

Hei fannt dir och ëmmer déi neisten Informatiounen oder Fotoen zu eisen Aktivitéiten.



Falls dir är Cotisatioun vun 10 Euro nach net bezuelt huet, kënn dir dat ganz einfach iwwert d'Scanne vu follgendem **QR Payconiq Code**, oder mat enger Iwwerweisung op eise **Konto LU89 0019 5355 2688 0000** maachen.



BASTENDORF

15^e MARCHÉ

GOURMANDE

28 JUIN 2026



**Organiséiert vum An Elo an der Baastenduerfer Musik
den 28 Juni 2026 zu Baastenduerf**

Umeldung iwwer Email: ydbord@pt.lu bei all weidere Froen Tel. 621 27 66 87
 Startgeld: -Erwuessener: 75€ouni Alkohol 70€ -Kanner vun 5-12 Joer: 35€
 -Kanner bis 5 Joer gratis
 Iwwerweisung op de Kont vun An Elo a.s.b.l. CCRA LU17 0090 0000 0279 8437
 mat dem Vermierk "Marche Gourmande" a Numm esou wéi Deelhuelerzuel

Sicherheit im Internet

Sécurité en ligne

Mi/Me, 08.07.26

09h00-11h00

Bastendorf, Gemeindesaal

Preis: 20€

Mi/Me, 01.07.26

18h30-20h30

Vianden, Larei

Preis: 20€



Smartphone Café

Mi/Me 24.06.

14h00-17h00

Brandenburg, Festsaal

Gratis



Cornhole

Fr/Ve, 05.06.26

14h15-16h15

Bastendorf, hinter der Gemeinde

Kommt a spillt mat eis!
Gratis



Keramikatelier

Sa 11.07. & 25.07.26

10h00-13h00

Brandenburg

Preis: Auf Nachfrage



Experimentelles Malen

Mo/Lu, 03.08. & Di/Ma, 04.08.26

18h00-21h00

Brandenburg

Preis: Auf Nachfrage



Sie haben die Möglichkeit, unser Programmheft
dreimal jährlich kostenlos zugesandt zu
bekommen.

Melden Sie sich dazu gerne bei uns.

*Vous avez la possibilité de recevoir gratuitement
notre programme trois fois par an.
N'hésitez pas à nous contacter.*

Information & Umeldung:
Tel. 99 82 36
info@opderheed.lu

De komplette Programm:
www.opderheed.lu



SPORT A BEWEEGUNG AN NACH MÊI...

Minigolf

Mo/Lu 07.09.2026
14h30
Minigolf Vianden
Preis: 4€



Yoga

Mi/Me, 15.07. / 19h00-20h00
Mo/Lu, 20.07. / 19h00-20h00
Putscheid
Preis: 12€ p. Einheit (Anmeldung: 99 82 36)



Pilates

Mo/Lu, 27.07. / 19h00-20h00
Do/Je, 06.08. / 09h30-10h30
Putscheid
Preis: 12€ p. Einheit (Anmeldung: 99 82 36)



CLUB HAUS OP DER HEED

Anti-entzündliche Ernährung



Mosaiktisch



Cornhole



RÉCKBLÉCK

OP PUER VUN EISEN
OFFEREN AN AKTIVITÉITEN

E-Bike Tour



Männerkachcours



Geoportail



Baastenduerfer Millen a Bamschoul




Am 17. Joerhonnert hat Baastenduerf schonns eng Bannmillen déi der Lehnsherrin Ludvina Petronella du Bost Moulin aus der Herrschaft Mont St Jean bei Diddeleng gehéiert huet. D'Baueren aus der Ëmgéigend ware verpflichtet hire Weess a Kar op der Bannmillen muelen ze loossen. Laut Pachtvertrag beim Notaire Ordt vun 1708 huet Wittfra de Stassin, Ludwina Petronella du Bost Moulin, d'Millen un e gewësse Paul Putz ginn. Deen huet d'Mille bis 1715 weidergefouert an ass duerno op d'Bleesmille gewiesselt, eng Bannmillen vun der Herrschaft vu Branebuerg.

Em 1795 gehéiert d'Millen zur Hallschent dem Jean Baptiste Hosinger a senger Fra Catherine Majerus esou wéi dem Jean Michel Schmartz an dem Marguerite Conrath.

Während der franséischer Besatzung Ënn vum 18. Joerhonnert, gouf de Bannzwang ofgeschafft

an d'Millen ass warscheinlich 1798 iwwergaang. Den Nicolas Fromes gebuer den 1.1.1773 zu Bettenduerf aus der Mütschgenvogtei, deen de 7.1.1801 d'Elisabeth Hosinger, Duechter vum J. B. Hosinger, bestuet hat, keeft 1806 den Deel vun der Millen, dee senger Schwéiereltere gehéiert huet. No dem Doud vun dem Elisabeth Hosinger den 12. August 1803, bestuet de Fromes Nicolas sech den 8. Februar 1809 mam Marie Michelau, Duechter vum Bleesmiller Michelau Nicolas. Dem Marie Michelau säi Brudder Florian war mam Anne Marie Schmartz bestuet, Duechter vum Jean Michel Schmartz, Matbesëtzer vun der Baastenduerfer Millen. 1810 keeft dann de Fromes Nicolas di aner Hallschent vun der Millen.

Di éischt Kadasteropzeechnungen vun 1829 nennen de Florentin Fromes als Besëtzer vun der Bastenduerfermillen, déi aus engem Wunnhaus mat Ställ a Scheier besteet, enger Uelegmillen, Käremillen an enger Seeërei.



De Fromes Florentin war den 19. Oktober 1813 als Jong vum Nicolas Fraumes, genannt Fromes, Miller zu Baastenduerf, an der Maria Michelau gebuer. Hien huet 1837 eng vun den éischte Bamschoulen hei am Land gegrënnt. Den 8. November 1843 ass hie mam Anne Marie Bourg vu Beisten (Bourghaff) bei Kruuchten bestuet ginn. Nodeems seng Fra de 26. Mee 1852 gestuerwe war huet hien sech den 13. Oktober 1852 mat senger Schwéiesch dem Anne Marguerite Bourg bestuet. Hien war Papp vun zwee Jongen, dem Servatius Gustave, deen 1871 am Alter vu 17 Joer gestuerwen ass an dem Nicolas Adolphe. De Florentin Fromes, deen och Miller a Buergermeeschter war, ass den 29. Mee 1855 gestuerwen, knapp zwee Méint no der Gebuert vum Nicolas Adolphe. D'Anne Marie Bourg huet sech dunn mat engem gewësse Louis Fonck vu Bour bestuet mat deem si nach 12 Kanner hat vun deenen der awwer zeng männer wéi ee Joer al goufen. Spéiderhin huet säi Jong Nicolas Adolphe Fromes d'Bamschoul virugefouert.

An der Zeitung Wächter an der Sauer konnt ee folgend Matdeelung zum Doud vum Florentin Fromes liesen:

Bastendorf, den 31. Mai 1855

Heute fand hier die Bestattung unseres zu früh verstorbenen Bürgermeister, H. Florentin Fromes statt. Das Begräbnis, dem auch der Distriktskommissar beiwohnte, bewies, dass man den Verstorbenen allgemein achtete. Florentin Fromes war nicht nur ein Bürgermeister, der sich das Wohl der Gemeinde angelegen sein liess, sondern auch ein eifriger und unternehmender Geschäftsmann, ein liebevoller Gatte und Mensch. Müge die Erde ihm leicht sein.



D'Bamschoul war hannert der Millen ugeluecht, hannert dem Millekanal, deen och als Waasserreservoir benotzt gouf, do wou haut Cité an der Bamschoul ass.

An der Zeitung „Der Landwirt“ vum 15. Dezember 1838 fënnt ee folgenden Artikel:

Dicht oberhalb der Bastendorfer Mühle war eine wüste, von wilden Gesträuchern bewachsene Anhöhe, diese ist seit etlichen Jahren durch den lobenswerten Kunstfleiß und die seltene Geschicklichkeit eines jungen Mannes in eine liebliche und sehr vollständige Baumschule umgewandelt worden. Fromes Florentin aus Bastendorf, Gründer dieser herrlichen Anlage, verdient daß man seiner rühmlichst erwähne. Schon lange war in ihm den Entschluß zu einem so nützlichen Unternehmen aufgekommen. Er las daher mit wahrer Lust alle Bücher über Baumzucht, Gärtnerei und Landwirtschaft überhaupt, deren er nur habhaft werden konnte. Aber er begnügte sich nicht mit dem toten Buchstaben; er wollte die Theorien, die er durch Lesen erworben hatte, auch in ihrer Anwendung sehen; er durchstreifte daher zu wiederholten Malen einen Theil Frankreichs, der Schweiz und Deutschlands, und kam jedes Mal reich an Erfahrungen und mit Sammlungen des auserlesensten Obstes nach Hause zurück. Sein jüngst bekannt gemachtes Verzeichnis seiner Obstsorten und Gesäme beweist mit welchem glücklichen Erfolge seine Bestrebungen gekrönt worden sind. Sonst war man sehr verlegen, wenn man eine ungemeine Obstsorte oder ein seltenes Gesäme haben wollte; beide sind nun in vorzüglicher Güte und zu billigen Preisen bei Fromes Florentin zu Bastendorf zu haben.

Wir hoffen also daß man nach einigen Jahren in unsern Gärten und Aeckern bemerken wird, daß man diese günstige Gelegenheit zur Veredlung der Baumzucht, der Gemüse wie auch der Futterkräuter wohl zu benutzen wußte.

Nicht zu übersehen

1. Von heute an verkaufe ich meine hochstämmigen Apfel-, Birn-, Kirschen-, Pflaumen- und Walnussbäume von 6 bis 8 Fuß Höhe, zu 10 Sous das Stück. Darneben habe ich neue Sorten Zierbäume und Sträucher; Liebhabern werden auf Verlangen, Katalogen meiner Baumschule, gratis geschickt.

2. Ferner ist bei mir zu haben Gemüse, Garten-Blumen, Feld- und Waldsamen, besonders habe ich guten Luzerner und weißen Wiesen Klee-Samen Wicken etc.

3. Ganzen guten Apfel-Essig im Ganzen den Eiter zu 3 Sous.

Bastendorf den 13. Januar 1843.
Frommes Florentin.

Annoncë vun 1843 un am „Diekircher Wochenblatt“ weise wéi grouss di Bamschoul muss geweest sinn a ginn och e Bild of vun der Geschäftspolitik vum Baastenduerfer Industriellen deen an enger direkter Konkurrenz mam Miller Jean Wampach vun der Bleesmille stung, deen e präis-lech ëmmer ënnerbidde wollt. Vun 1846 bitt den Här Fromes Léierjongen déi gutt an der Schoul waren, Aarbecht a senger Bamschoul un.

1848 bréngt hien e Katalog eraus mat all sengen eenheemeschen a frieme Planzen a Geseems eraus. Diekircher Wochenblatt schreibt, dat et näischt senges Gläichen am Groussherzogtum gëtt an dat den Här Fromes esou der Lëtzebuerger Agrikultur e groussen Déngscht erweise géif.

„Diekircher Wochenblatt“ 14. Juni 1845

Mein Holzmagazin enthält jetzt über siebenzig Tausend (70000) Fuß trockene Eichendiele und Kartcher (Kanthölzer) von allen brauchbaren Dimensionen, Bauholz, Krümmlinge für Mühlenwerke, Spalierlatten und Gartenpfähle, ferner Buchendiele und Latten, Pappendiele, Nussbaum-, Eschen- und Ellerstücke von ganz schönen Figuren; daneben alles zum Fuhrwerk nötige Holz für Wagener und Kutschenfabrikanten.

Florentin Frommes von Bastendorff

„Diekircher Wochenblatt“ 28. Februar 1846

Ich habe eine bedeutende Partie roten dreijährigen Kleesamen so wie auch gelben und weißen Wiesenkleesamen, Luzernersamen stets vorrätig, ferner Garten und Nadelholzsaamen, Kocherbsen, Linsen, Bohnen, Gerstengraupen und alle Sorten Mehl; alle oben genannten Ar-

tikel verkaufe ich im Großen und Kleinen. In meiner Baumschule sind stets ganz starke Obst- und Zierbäume vorrätig.

Bastendorf, den 20. Februar 1846
Frommes Florentin

„Diekircher Wochenblatt“ vom 23. Oktober 1847:

Baumschulen von Bastendorf

Für dieses Jahr habe ich über 50000 schöne Obstbäume in meinen Baumschulen zum Verkaufe vorrätig. Die Preise der hochstämmigen Apfel-, Birn-, Kirschen-, Pflaumen- und Walnussbäume sind 60 Centimes das Stück, Halbstämme 50 Ct. und Zwergbäume 35 Ct.

Tausend hochstämmige Bäume einmal genommen, 500 Franken. Für die andern Bäume wie Aprikosen-, Kastanie-, Pfirsich- und Maulbeerbäume, ferner für Lustallee- Zierbäume und Sträucher usw. erhalten Liebhaber auf Verlangen ein Preisverzeichnis.

Daneben habe ich alle Sorten von Futterkräuter-Samen, für die Feldwirtschaft, wie Luzernensamen, roten, weißen, gelben und Inkarnat Klee-samen, Steinkleesamen usw. Von Gartensamen nehme ich ebenfalls Bestellungen an und werde mit Zufriedenheit meiner Abnehmer bedienen.

Bastendorf, den 15. Oktober 1847.
Frommes Florentin

Anzeige.

Hierdurch zeige ich den Landwirthen und Gartenfreunden an, daß ich alle in meinem vor kurzem herausgegebenen Samen-Verzeichnis angezeigten Samen vorrätig habe; daneben habe ich noch mehrere neue empfehlenswerthe Samen, wie die ein Pfund schwere grünlöpfige Möhre, die besonders stark in England und Belgien angebaut wird, sie wächst wie die langen Runkelrüben halb aus der Erde; ferner die lange rothe Riesenmöhre etc. Was die Futtergräser und Kleearten anbelangt, habe ich besonders schöne Wahl. Den Bestellern der

Turneps,

